N°3931
Entrée le 15.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3931 vum 16. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement zum Sujet "Augmentation des signalements de personnes disparues et moyens de la police".

1. Wéi eng konkreet Prozeduren applizéiert d'Police, wann eng Vermësstemeldung erageet, déi net als « disparition inquiétante » klasséiert gëtt – a wéi laang gëtt aktiv no der Persoun gesicht?

Ofhängeg vun den Ëmstänn ënnerhëlt d'Police bei enger « disparition non inquiétante » verschidde Recherchen, wéi zum Beispill  Informatioune sammele bei der Famill a Bekannten, Nofroen an de Klinicken, Adressen offueren. Déi regional Leetstellen, sou wéi d'Unitéiten um Terrain gi vum Centre d'intervention national (CIN) iwwert d'Disparitioun informéiert. D'Persoun, déi vermësst gemellt ass, gëtt signaliséiert. Aktuell sinn eng ronn 200 vermësste Persoune signaliséiert. D'Signalement besteet esou laang bis d'Persoun erëm optaucht oder fonnt gëtt.

D'Unitéit, déi d'Vermësstemeldung opgeholl huet, schreift ee Rapport, deen un de Parquet an un de Service de police judiciaire verschéckt gëtt. Dës Unitéit mécht de Suivi mat der Famill, an am Fall, wou néi Informatioune bekannt ginn, gëtt de Parquet mëttels engem weidere Rapport informéiert. Et ass doduerch zu all Moment méiglech, dass op Basis vun neien Hiweiser d'Vermësstemeldung als „inquiétante" agestuuft gëtt.

2. Eng anonym Source aus dem Policecorps huet sech ëffentlech dofir ausgeschwat, eng zentraliséiert Eenheet bannent der Police anzeféieren, déi sech speziell ëm d'Suivi vu Vermësstemeldunge këmmert an déi déi néideg Zäit an d'Moyene hätt, fir eng aktiv Enquête ze féieren. Ginn et am Ministère oder bei der Police Iwwerleeungen, sou eng Struktur ze schafen? Wa jo, a wat ass hei den ongeféieren Zäitplang? Wa nee, wéi begrënnt den Här Minister, dass déi aktuell Organisatioun adequat ass, fir der steigender Unzuel u Vermësstemeldunge gerecht ze ginn?

De Suivi vun de Vermësstemeldunge gëtt schonns zënter längerem zentraliséiert um Niveau vun enger Sektioun aus dem Departement vun der 'criminalité contre les personnes' vum Service de Police judiciaire gemaach.

D'IGP huet, op Basis vum Presseartikel wou den anonymmen Temoignage aus der Police zitéiert gëtt, eng administrativ Enquête opgemaach a wäert an deem Kader d'Prozedur vu Signalementer vun Disparitioune béi der Police analyséieren.

3. Wéi sinn d'Informatiounsflëss beim Schichtwiessel organiséiert, fir sécherzestellen, dass kee Fall "tëscht d'Stil fält"?

Bei all Schichtwiessel ass eng Period virgesinn, wou de Chef de roulement 'sortant' an de Chef de roulement 'entrant' sech iwwerschneide fir d'Schicht ze iwwerginn an den Transfert vun den Informatiounen ze maachen. Donieft gëtt bei enger Vermësstemeldung eng Androung am sougenannten

Einsatzleitsystem (ELS) opgemaach, déi och bäi Schichtwiessel nach visibel bleift, falls d'Meldung nach aktuell ass. Parallel gëtt d'Persoun wéi scho geschriwwe signaliséiert.

4. Gëtt et Statistike betreffend d'Zuel vun de Vermësstemeldungen am Verglach zu de Persoune, déi nees fonnt goufen – opgeschlësselt no Altersklass an Typ vun der Meldung? Wa nee, gedenkt den Här Minister, esou eng Statistik anzeféieren?

D'Police stellt fest , dass et an der Praxis ganz heefeg och déi selwecht Persoune sinn, déi innerhalb vun engem Joer e puermol als vermësst gemellt ginn an dann nees optauchen. Sou Statistike kéinten deemno eng verzerrte Bild no bausse ginn. Aus dësem Grond ginn och keng Statistike vun der Police erstallt.

5. Wéi gesäit de Minister d'Ausso, dass « Fir vill Beamte besteet dréngenden Handlungsbedarf» besteet, besonnesch an Hibléck op d'Zuel vun de Vermësstemeldunge?

Ech waarden ob d'Conclusioune vun der virgenannter Enquête vun der IGP.

Lëtzebuerg, de 15. Mee 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLoden